Présentation du directeur musical

Den David Daubenfeld ass gebuer den 4.Mee 1995 zu Lëtzebuerg. Am Alter vun 4 Joer huet hien mam Eveil musical ugefaang an ee Joer drop mat der Trompett. Séng béid Grousspappen hunn him d'Kierchenuergel an d'Wéih geluecht, déi hien bis haut nach régelméisseg zu Bouneweg spillt. Vun 2004-2014 war hien Member an der Bouneweger Musik vun däer hien d'Jugendmusik ab 11 Joer huet dierfen matleeden.

Am Alter vun 12 Joer huet den David Daubenfeld séng éischt Schülerband am Lycée Aline Mayrisch gegrënnt an mat 14 Joer eng Schülerband am Iechternacher Kolléisch, mat däer hien op schouleschen Manifestatiounen Concerten ginn huet. Duerno ass den David Daubenfeld an d'Staat an de Kolléisch op d'Musikssektioun gewiesselt wou hien bis 2016 Schüler war. Als Bassist huet hien schon mat der Lëtzebuerger Militärmusik, dem lëtzebuergeschen Philharmonie Orchester (OPL), dem Eiffel-Ardennen Symphonieorchester, dem Symphonie- an Harmonieorchester vum Staater Conservatoire an nach villen aaneren gespillt. Am Juli 2016 huet hien säin 1. Präiss um Bass am Staater Conservatoire mat ``Très Bien`` beim Här Patrick Krysatis gemaach.

D'Orchesterdirektioun huet hien am Staater Conservatoire beim Prof.Dr. Carlo Jans geléiert, wou hien eng 1. Mentioun ofgeschloss huet. Hien huet un Masterclassen beim Prof. Nicolas Pasquet (HfM Weimar) an Jan Stulen (Conservatorium van Amsterdam) deelgeholl.
2013 ass den Här Daubenfeld am Alter vun 18 Joer musikaleschen Direkter vun der Harmonie Municipale Luxembourg-Gasperich ginn an 3 Joer méi spéit, am September 2016 vun der Harmonie Berdorf an zielt och haut nach zu den jéngsten Dirigenten vum Land.

Am März 2016 haat hien säin musikaleschen Début mam USC Mussorgsky Symphony Orchestra zu Yekaterinbourg (Russland) wou hien Gaaschtdirigent genannt ginn ass an war domat dee jéngsten Dirigent deen den Orchester jee dirigéiert huet.

Aktuell wunnt an studéiert den David Daubenfeld zu Köln op der ``Hochschule für Musik und Tanz`` Basstuba an der Klass vum Här David Polkinhorn an preparéiert d'Opnahmprüfung fir ee Studium an der Orchesterdirektioun.